

mengen, hei hu mer geschafft, wéi mer am Fong selte schaffen, nämlech: Mer hunn zesumme gebrainstormt fir ze kucken, wéi mer deem Urteel kéinte Rechnung droen. Dass d'Madamm Cecchetti dat net weess, dat verstinn ech, well si war deemools nach net direkt mat derbäi. Si ass eréischt méi spéit derbäigestouss.

Mee mir haten awer do ganz oppen, ganz intensiv a ganz éierlech Gespréicher an der Chamberskommission, fir zesummen ze kucken, wéi mer deem Urteel kéinte Rechnung droen. Elo wäerte mer dat haut maache mat deem Gesetzestext, deen Der haut zur Ofstëmmung do leien hutt. An ech hoffen, dass dat domadder dann och geschitt ass. D'Kannergeld ass e Recht fir d'Kanner, fir dat ze kréien.

An da géif ech awer och gär, well dat vläicht e bësse méi kuerz eeben haut kënn, nach eng Kéier op de Congé parental zrëckgoen. Do ass et esou, dass een an Zukunft net méi muss affiliéiert si respektiv hei am Land geschafft hunn dee Moment, wou d'Kand op d'Welt kënn. Dat heescht, wann een de Congé parental ufreet, wann d'Kand fënnf Joer al ass zum Beispill, an et huet een awer au moment de la naissance net hei am Land geschafft, dann huet een en an Zukunft dann awer zegutt, well dee Kritär wäert dann an Zukunft och ewechfalen.

An dat, wat mer jo all wëllen, dat ass eng besser Work-Life-Balance. Mir wëllen, dass d'Eltere sech besser organiséiert kréien. Mir hätte gär, dass jonk Elteren Zäit mat hire Kanner kënnen verbréngen, ouni hir Aarbecht opzeginn, ouni dofir mussen opzehale mat schaffen. Dat ass, mengen ech, och hei de Sënn an den Zweck vun där Ännerung. An da wäerten natierlech nach e puer Ännerunge kommen, déi am schrëftleche Rapport vum Rapporteur natierlech och nozieselen sinn.

Dofir villmools merci fir déi breet Zoustëmmung. A merci nach eng Kéier all de Membere vun der Familljekommission. Dat wat e ganz flotten Exercice. Dat war och en Exercice, mengen ech, wou mer alleguer te vill derbäi geléiert hunn, well et awer méi flott a besser ass, wann een zesumme brainstormt an zesumme kuckt, wéi een d'Saache besser ka maache fir d'Leit dobaussen. Villmools merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen Merci. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7828. Den Text steet am Document parlementaire 7828¹².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7828 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7828 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole

Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7.8106 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8106, eng Erweiterung vum Mandat vun de Membere vum Conseil national des étrangers. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Villmools merci, Här President. Historesch gesinn, ass Lëtzebuerg säit der zweeter Hallschent um 19. Joerhonnert en Immigrationland. Mam Opschwong vun der Stolindustrie waren déi Däitsch an d'Italieener déi Éischt, déi sech zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn, an an de 60er-Jore koum dunn d'Portugiesen, déi zu Dausende virun der Aarmut an hirem Heemechtsland geflücht sinn, derbäi.

Mat der Entwécklung vun eise Dénkschleeschtungssektor, virun allem der Finanzplaz, huet et ëmmer méi Natiounen op Lëtzebuerg gezunn, soudass mir haut en Undeel vu bal 50 % un auslänneschen Awunner hunn. Dat ass eng eenzegearteg Situatioun, déi eist Land souwuel um wirtschaftleche wéi och um sozialen a kulturellen Niveau beräichert.

D'Méisprouchegeket an de Multikulturalismus stellen eis awer ëmmer nees viru grouss Erausforderungen. Wéi kënnen mer deene Leit, déi aus dem Ausland kommen, hëllefen, sech hei zu Lëtzebuerg ze integréieren an aktiv un eiser Gesellschaft deelzehuelen? Wat kënnen mer maachen, fir e bessert Zesummeliewen tëschent de Lëtzebuerger an den Netlëtzebuerger ze erméiglechen?

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Dat, léif Kolleginnen a Kollegen, si wichteg Froen, op déi mir als Politik mussen eng Äntwert fannen. Dofir sinn ech frou, dass de Ministère fir Famill an Integratioun an dësem Beräich scho vill Efforte geleeht huet.

1993 gouf zu Lëtzebuerg dat éischt Integrationsgesetz gestëmmt, mat deem ënner anerem och den CNE, de Conseil national des étrangers, gegrënnt

gouf. D'Zil vun dësem Gesetz war et, d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren. 2008 gouf dëst Gesetz dunn eng éischte Kéier iwwerschaft, fir der Populationsentwécklung an de Migratiounsstréimunge Rechnung ze droen an de betraffene Leit nach méi gezielt ënnert d'Äerm ze gräifen.

Wat den CNE betrëfft, sou gesäit d'Gesetz vun 2008 vir, dass d'Mandater vu senge Membere op fënnf Joer limitéiert sinn. All fënnf Joer ginn deemno nei Membere vum Ministère fir Famill an Integratioun gewielt, an déi nächste Wale wäere scho fir den 18. Januar 2023 virgesi gewiescht. Elo ass et awer esou, dass de Ministère den Ament un engem neien Integrationsgesetz schafft, dat och eng Partie Ännerungen um Fonctionnement vum CNE virgesäit. Et géif also net vill Sënn maachen, am Januar nei Membere ze wielen, déi hir Funktioun da just während enger ganz kuerzer Zäit bis zum Akraafttriede vun deem neie Gesetz kéinten ausüben.

Fir d'Walen am Januar 2023 ze ëmgoen, proposéiert de virleiede Gesetzestext deemno, d'Mandater vum CNE vu fënnf op siwe Joer eropzesetzen. Déi aktuell Membere bleiwen also weider an hirer Funktioun aktiv, bis dass dat neit Integrationsgesetz a Kraaft trëtt. Mat dëser Ëmännerung erméigleche mir weiderhin e proppert Fonctionnement vum CNE an evitéieren onnéideg administrativ Prozeduren.

De Staatsrot hat a sengem Avis keng gréisser Remarque formuléiert, soudass hien ouni Weideres säin Accord zu dësem Projet konnt ginn.

D'Familljeministesche Corinne Cahen huet eis an der leschter Familljekommission dann och matgedeelt, dass se dat neit Integrationsgesetz, soubal wéi et dann de Regierungsrot passéiert huet, an eis Kommission presentéiere kënn. Dat soll viraussichtlech direkt am Ufank vun 2023 geschéien. Ech als President awer an – ech ginn dervun aus an ech sinn iwwerzeugt dervun – och all meng Kommissionsmembere freeën eis natierlech do drop, fir op dësem wichtege Gesetz da kënnen ze schaffen.

Dëst gesot, léif Kolleginnen a Kollegen, Madamm Presidentin, Iech alleguer te villmools merci fir d'No-lauchteren. An ech ginn heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Mme Djuna Bernard, Présidente de séance | Merci, Här Rapporteur.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Madamm President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de Max Hahn ass schon am Detail op d'Zuelen agaang. Ech wëll him Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, et muss ee virun allem ënnersträichen, dass grad eis auslännesch Communautéit hei zu Lëtzebuerg zum Räichtum vun eise Land mat bäigedroen huet. An dass Lëtzebuerg do steet, wou Lëtzebuerg haut steet, dat hu mir och den auslännesche Matbierger ze verdanken.

Och war et an der Zäit de Conseil national des étrangers, deen och ëmmer Campagné gemaach huet fir den Droit de vote. Den Droit de vote: och elo eppes, wou mer jo elo nach eng Kéier alleguer zesumme massiv amgaang sinn, fir dass genuch Leit sech aschreiwen, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, fir un de Gemengewale vun 2023 deelzehuelen.

Deen hei Artikel u sech ... zwee Joer. Ech hoffe just, dass et duergeet, Madamm Minister, well heiansdo si

verschidden Avisen oder verschidde Saachen/Projeten, déi brauchen heiansdo ganz laang, bis se dann och hei kënnen verabschit ginn. Ech mengen, dass et wichteg ass an dass et richtig ass, dass elo net am Januar der nach genannt ginn, déi dann erëm eng Kéier géife bei null ufänken, mee dass déi Prozedur, déi Der elo amgang sidd ze maachen, och zu engem Ofschloss kënn. Wéi gesot, ech hoffe just, dass mer net 2025, mee dann net méi mir, mee dann déi Leit, déi aus de Wale vum Oktober 2023 ervirginn, dass déi dann nach eng Kéier musse verlängeren, well mer institutionell – ech betounen „institutionell“ – net virukomm sinn.

Mee, wéi gesot: Esou wéi de Projet hei virläit, kann d'CSV hir Zoustëmmung ginn. Ech soen Iech Merci.

Mme Djuna Bernard, Présidente de séance | Merci, Här Spautz. An déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Madamm Presidentin. Mir bleift hei net méi ganz vill ze soen, duerfir halen ech mech och ganz kuerz. Ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktion. Mir freeën eis dann drop, wann dann déi Loi sur l'intégration kënn, dass mer dann och do grad esou konstruktiv kënnen dru schaffen, wéi mer dat bis elo gemaach hunn.

An ech hoffen och, dass et net allze laang dauert, well soss kënnen mer effektiv d'Gefor lafen, dass mer vläicht nach eemol mussen nostëmmen. Mee ech mengen dat net. Ech sinn zouversichtlech, dass dat wäert an der nächster Zäit kommen. Merci dofir.

Mme Djuna Bernard, Présidente de séance | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Madamm Presidentin. Ech begreiffe dee Projet hei, mee ech ginn deem schlechte Gefill net lass, wat meng Virriedner elo ausgedréckt hunn, dass 2025 vläicht e wéi neg just ka sinn. Ech hoffen – ech hoffen! –, dass ech Onrecht kréien an datt mer dat elo nach gestëmmt kréien d'nächst Joer. Ech hoffen. Dat wär e ganz flotte Kaddo, dee mer eis selwer géife maachen, dee mer dem Land géife maachen.

Den nationalen Auslännerrot, wéi e fir de Moment net fonctionéiert, muss op zolidd Bee gestallt ginn. Eng Rei vun eis hu schonn Entrevuë mat enger Partie ONGe gehat fir ze kucken, wéi eng Revendicatiounen eis Walprogrammer hunn. Mir gefällt eng Iddi ganz gutt: Dat ass déi vun enger Assemblée, déi am Fong der Chamber zougeuerdnet wär, e „Conseil des étrangers“ oder „des citoyens“, wéi et genannt gëtt, vun deene betreffenden ONGen, wou mer eng Verriedung hätten, e Gremium hätten, wou mer géifen allegueren zesummesetzen, berodend – berodend! – zu där Chamber hei. Da wäere mer no derbäi.

Ech hunn nämlech e Riseproblem, wéi et fir de Moment ass – an déi meescht vun eis heibannen –: dass mer de Corps électoral vun deenen, déi fir de CNE fir de Moment stëmmen, dass dat einfach d'Strooss net hält. Ech mengen, dat wësse mer. Dat ass eng vun den Erkenntnisser. Dat ass och eng vun den Ursachen, firwat deen et net bréngt.

An dofir sinn ech ganz gespaant wéi ambitéis ...

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | An ech zweifelen net do drun, dass dee Gesetzesprojet ambitéis ass. A mir ginn den Accord heifer an hoffen, dass mer dat dann d'nächst Joer hikréien. De gudden Wëllen an de Wëllen iwwerhaupt hei an der Chamber ass do, dass mer déi Saach virum de Walen erreecht hunn.

Ech soen Iech Merci.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue. An d'Wuert geet un d'Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Jo, och vu menger Säit aus e grouse Merci un deen exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir leenen eis just och un d'Kritik vun der ASTI eeben un, déi et bedauert – a mir bedauern et och –, dass dee Projet de loi eeben net éischter konnt op de Wee goen an net konnt scho votéiert ginn, iert déi Period hei vun deene fënnf Joer ofgelaf ass.

Bon, dat ass elo esou. A mir hoffen dann och wierklech, dass et esou séier wéi méiglech weidergeet. Mir verstinn och, dass ee seet: „En neie Gremium elo erëm votéieren, dee souwisou net funktionéiert, ass problematesch.“ Op där anerer Säit: Politesch ass et awer och vläicht Limit, well ee seet: „Et ass en demokratesch gewielten Gremium“, a mir soen elo einfach: „Mir verlängeren dat elo einfach.“ Hätt een dat och mat anere Gremie gemaach? – ech weess et net. Also, ech wëll dat elo net elo hei ze vill bewäerten, mee ...

An dee Vide: Wann elo e Vide gewiescht wär, wär dat schlëmm gewiescht? Ech weess et net. Ech kann dat wierklech net bewäerten, well dee Gremium jo souwisou net funktionéiert huet.

Also esou oder esou hoffe mir just, dass mer séier virukommen, wéi meng Virriedner a -riednerinnen et jo och gesot hunn, an datt mer hoffentlech d'nächst Joer gutt Aarbecht do maachen an dat neit Gesetz hunn.

Awer mir stëmmen deem hei natierlech och zou. Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. A merci dem Max Hahn. A mir ginn eisen Accord.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci. Also, fir d'éischt géif ech gäre soen, dass den aktuelle President vum CNE e ganz, ganz engagéierte Mann ass, deen et do wierklech fäerdegbréngt, d'Truppen e bësse beieneenzebréngt.

Ech soen Iech awer emol schonn alleguer Merci, och fir Är Zoustëmmung. Ech versprechen: De Projet kënn elo am Januar an de Regierungsrot. Ech hat versprach, en dann direkt och an d'Chamberskommission presentéieren ze kommen, esou wéi ech dat ëmmer maachen.

Et geet hei jo net méi drëms, ze soen um Enn vum Dag: „Majo, do ass e Fransous, dee representéiert alleguer d'Meenunge vun all de Fransousen hei am Land. An do ass e Belsch, dee representéiert d'Meenung vun all de Belsch hei am Land.“

Ech hunn och d'lescht Woch – oder des Woch souguer – nach d'ASTI gesinn an nach vill aner Verrieder, mat deene mer deen heiten Avant-projet de loi zesummen ausgeschafft hunn, wëll ech soen, a wann een op den Terrain geet a vill nolauschtert a vill mat de Leit schwätzt, da brauch een einfach och e bëssleche méi Zäit, fir e Gesetzesprojet ze schreiwen. Dofir entschëllegen ech mech dofir.

E kënn am Januar an da géif ech soen: „Topp, die Wette gilt!“ Dir hutt allegueren aus Äre jeeweilege Parteie Verrieder am Staatsrot setzen, da kéint Der Iech jo als Kaddo fir Chrëschttag vun deene wënschen, dass den Avant-projet de loi iwwert d'Zesummeliwen zu Lëtzebuerg, deen dann am Januar an de Staatsrot geet, dann och séier nees do erauskënn, fir dass mer dann dat do hoffentlech nach virum nächste Summer kéinte gestëmmt kréien.

Ech mengen, dass dat ganz wichteg ass fir d'Cohésion sociale. Et ass ganz wichteg fir d'Organisatioun vum Zesummeliwen hei am Land. Et ass extreem wichteg fir d'Gemengen iwwregens, déi e ganz, ganz grouse Rôle an deem Text wäerte spillen, well d'Zesummeliwen, dat mécht sech um Terrain, dat mécht sech an de Gemengen, dat mécht sech am Alldag. An dofir musse mer do zesummenhalen a kucken, dass mer d'Zesummeliwen esou organiséieren, dass mer net laanschtenee liwen an net niewentenee liwen, mee matenee liwen. An dofir merci nach eng Kéier fir Är Zoustëmmung haut fir dee Projet de loi.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8106. Den Text steet am Document parlementaire 8106².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8106 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8106 est adopté par 55 voix pour et 4 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8.1113 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o de la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

De leschte Punkt vum Ordre du jour vum de Moien ass de Projet de loi 8113 iwwert d'Ofännerung vum REVIS a vum RPGH. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum deemem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. De Mëtten hu mer e Gesetz um Ordre du jour, mat deem de Montant vum soziale Mindestloun eropgesat gëtt an dat soumat der Entwécklung vum Salaire moyen Rechnung dréit. Par analogie zum soziale Mindestloun ass et awer och wichteg, dass mer de REVIS an och de Revenu fir d'Leit mat enger Behënnerung un d'Salairesentwécklung vum deenen zwee leschte Joer upassen, an dofir ginn déi zwee mat deemem Gesetz, dat ech Iech elo presentéieren, ëm 3,2 % an d'Luucht gesat.

Et ass eng Mesure, mat där mer am Kader vum Tripartite-Accord geziilt deene Leit hëllefen, déi et am Moment am meeschte brauchen, déi am Moment am meeschten ënnert der Energiekris leiden. Et geet also hei ëm d'Leit, déi besonnesch vulnerabel sinn an déi mir als Politiker virun de Konsequenze vum der aktueller Präisdeierecht schützen mussen, virun allem awer och, well mer net wëssen, wéi d'Liewensmëttel an d'Käschten dovunner an den nächste Wochen a Méint wäerten evoluéieren.

An deemem Kader proposéiert also de virleiende Gesetzesprojet, de Revenu d'inclusion sociale an och de Revenu pour personnes gravement handicapées – gradwéi de Mindestloun also – den 1. Januar ëm 3,2 % ze hiewen. An der Fiche financière konnt Der liesen, dass den Impact vum deemem Gesetz 3,6 Milliounen Euro (veuillez lire: 8,6 Milliounen Euro) sinn, 6,8 Milliounen Euro, fir de REVIS unzepassen, an 1,8 Milliounen fir den RPGH.

Zu deem Zweck sollen dann zwee Gesetzter ofgeännert ginn, éischters den Artikel 25 Alinea 1 vum modifizéierte Gesetz vum 12. September 2003 iwwert d'Persounen mat enger Behënnerung an zweetens den Artikel 5 Paragraf 1 an den Artikel 49 Paragraf 3 vum modifizéierte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de REVIS.

De Staatsrot hat a sengem Avis keng gréisser Remarque formuléiert a konnt och esou ouni Beanstandungen säin Accord ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, an dese Krisenzäite mussen mer alles derfir maachen, fir d'Kafkraaft vum de Bierger esou wäit wéi méiglech ze erhalen, an ech sinn dowéinst frou, dass mir heibanne mat deemem Gesetz de REVIS an och den RPGH nees e klengt Stéck an d'Luucht setzen.

Ech soen Iech Merci a gi schonn den Accord vu menger Fraktioun.

Ech profitéieren awer dervun, well ech grad heiwue stinn a well dat heite fir de Moment emol dat lescht Gesetz aus der Tripartite-Kommissioun ass, vun deem ech Rapporteur sinn, fir alleguerten de Kolleegen aus der Commission spéciale „Tripartite“

Merci ze soe fir déi ganz, ganz flott Zesummenaarbecht, déi mer do haten. E grouse Merci och un eis nei Mataarbechterin, d'Olivia Welsch, dat déi Dossieren iwwerholl huet. An dann e ganz, ganz besonnesche Merci fir seng Professionalitéit a fir säin Asaz un de Sekretär vum dëser Kommissioun, den Dan Schmit.

Dat gesot, ginn ech den Accord vum der DP.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Normalerweise hätte mer fir d'éischt iwwert de Mindestloun geschwat, da wär och nach eng Kéier erkläert ginn, wéi déi 3,2 % zesummekomm sinn. Ech kéint elo scho mengem Kolleeg Aly Kaes seng Ried vum haut de Mëtten halen.

(Hilarité)

Mee ech weess net, ob den Här Rapporteur vum Mindestloungesetz, den Här Kersch, da richtig frou mat mer wier, wann ech elo géif do op den Detail agoen.

Mee normalerweise war et ëmmer de Mindestloun, dee komm ass, wou een dann och wouss, wou déi Chifferen hierkomme mat deenen 3,2 %, mee dat steet eréischt de Mëtten um Ordre du jour. Mee wichteg ass, dass och de REVIS an och den „travail handicapé“ (veuillez lire: de Revenu pour personnes gravement handicapées) ëm déi 3,2 %, déi mer de Mëtten och beim Mindestloun wäerte stëmmen ... dass déi Upassung kommen.

Et ass wichteg, elo dat Zeechen ze setze mat deene Präisfluctuationen, déi mer de Moment hunn, dass déi Leit déi 3,2 % kréien, well och si, déi déi Ennescht op eiser Schinn sinn normalerweise ... An et ass jo net esou, wéi dat och duergestallt gëtt, dass der lauter wieren, déi net schaffe ginn, do sinn der och vill derbäi, dat si Working Poor, déi nach gläichzäiteg enger Aarbecht noginn an et geet net duer, fir dat alles ze kréien, an dofir ass et och gutt, dass de REVIS ugepasst gëtt, dat selwecht gëlt fir den „travail handicapé“.

Et ass wichteg, dass mer an engem Land wéi Lëtzebuerg och do en Akzent setzen a grad an dëser Zäit deene Leit déi Hëllefen zoukomme loossen, déi se brauchen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vum der CSV-Fraktioun.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Simone Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als LSAP begreisse mer et natierlech, dass de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale, an och den RPGH, de Revenu pour personnes gravement handicapées, parallel zum Mindestloun ëm 3,2 % un déi allgemeng Lounentwécklung ugepasst ginn. An deem Sënn ass dese Projet de loi de Pendant – dat hu mer elo schonn e puermol gesot – zum Projet de loi 8117, iwwert dee mer de Mëtteg wäerten diskutéieren an och ofstëmmen.

Et ass wichteg, drun ze erënneren, dass et sech hei ëm eng nodréiglech Upassung handelt, also un eng Upassung un d'Lounentwécklung an den zwee vergaangene Joren, also 2020 an 2021. Dës Upassung ass keen Automatismus! Et gëtt och keng

legal festgeschriwwene Prozedur wéi beim Mindestloun, duerch déi d'Regierung d'Obligation huet, opgrond vum der Lounentwécklung an der Analys vum der wirtschaftlecher Situatioun ze decidéieren, ob eng Upassung sollt virgeholl ginn oder net.

Fakt ass awer – an dat ass och eppes, woufir d'LSAP sech ëmmer agesat huet –, dass zënter 2017 allkéiers de REVIS respektiv den RMG oder den RPGH parallel an zäitgläich zum Mindestloun ugepasst goufen. Do virdu war dat e puermol net de Fall, en Émstand, dee mir u sech net gutt fonnt hunn, well doduerch d'Schéier tëschent Aarm a Räich géif weider ausereenegeen. Dat mussen mer elo verhënnern, an dofir hu mer als LSAP insistéiert, dass allkéiers, wann de Mindestloun ugepasst gëtt, och de REVIS an den RPGH ugepasst ginn.

Déi Adaptatioun – gradwéi déi vum Mindestloun – hëlleft de Leit, déi sech net esou gutt do stinn, zousätzlech zu de verschiddene Mesuren, déi an der Tripartite decidéiert goufe fir ze hëllefen, déi extreem Präisdeierecht, déi de Leit ze schaffe mécht, sou gutt wéi méiglech ofzefiedereen.

Dese Projet, gradesou wéi och d'Upassung vum Mindestloun, huet natierlech och e Präis, a mir wësse jo alleguer, dass duerch dës Erhéijung, duerch d'Stärke vum der Kafkraaft vum deene kleng Leit och der Ekonomie gehollef gëtt, well wann een de Leit mat engem gerénge Revenu eppes bäigëtt, fléisst dat quasi och direkt integral erëm an d'Ekonomie eran, well consomméiert gëtt.

Här President, dese Projet, gradwéi d'Adaptatioun vum Mindestloun, kënnt also der Ekonomie zegutt, och wann eis zu Zäite wéi elo ganz besonnesch um Häerz läit, deene kleng Leit verstärkt ze hëllefen – an dat maache mer mat deemem Projet.

Dir Dammen an Dir Hären, aus dese Grënn, déi ech elo genannt hunn, war et fir eis vum Ufank u kloer, dass de REVIS an den RPGH op den 1. Januar 2023 wäerte gehéicht ginn, an dat als Garant vum der sozialer Gerechtegkeet. An dofir kann ech och nëmmen den Accord vum der LSAP-Fraktioun fir dese Projet ginn.

An ech soen Iech fir d'lescht haut de Moie merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An d'Wuert ass elo fir d'Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. Och e grouse Merci vu menger Säit un de Rapporteur.

Jo, mir maachen hei eng Upassung vum eisem REVIS an dem RPGH zesumme mam Mindestloun, ech mengen, dat muss een zesummen denken, an dat ass e bewusste Schrëtt, deen dës Regierung mécht. Dat begreisse mer ausdrécklech, well mir müssen et och an de Kontext setze vum dem Budget de référence, en Outil, dee ganz wichteg ass, einfach och, fir ëmmer erëm de Suivi ze maachen, wat d'Besoinen, wat d'Bedürfnisser vum de Leit sinn, wat se brauchen, fir kënnen e würdeg Liewen ze féieren. An ech mengen, dass dat heiten deen eenzeg richtege Schrëtt ass, fir deem entgéintzewierken, fir do de Leit um Niveau vum der Kafkraaft weiderzhëllefen.

An ech wëll et gären awer och an d'Kombinatioun brénge mat genuch Informatiounen iwwert déi zousätzlech verschidden Hëllefen, déi d'Mënschen do-bausse kënnen kréien; do mussen mer ëmmer erëm Efforte maachen. Dat geet ganz wäit natierlech heiriwwer eraus, mee et ass awer oft en änleche Public cible, dat heescht, déi Efforte ronderëm Informatiounen ronderëm d'Logementsaiden, ronderëm